ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20. Abrëll 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Policeminister an un d'Madamm Justizminister weiderzeleeden.

Laut der Police Statistik, déi de 26. Mäerz 2021 publizéiert gouf, gouf 2020 zu Lëtzebuerg 1404 mol erfollegräich a bewunnten Haiser agebrach. Zousätzlech gouf et 972 Abréchversich a bewunnten Haiser.

Duerfir hunn ech folgend Nofro un den Här Policeminister an un d'Madamm Justizminister:

1) Laut der Police Statistik goufen d'lescht Joer insgesamt 390 Abréch opgekläert. Wéivill vun dësen Opklärungen entfalen op erfollegräich Abréch a privat Wunnhaiser a wéivill op Abréchversich a privat Wunnhaiser?
2) A wéivill Fäll koum et zu enger Verurteelung duerch d'Justiz? Wéi eng Täterprofiller hunn sech erginn?
3) Gouf et Fäll wou Leit bei den Abréch a privat Wunnhaiser verletzt goufen? Wa jo, wéivill an duerch wéi eng Ëmstänn?
4) A wéivill Fäll konnten déi geklauten Objete vun der Police sécher gestallt ginn? A wéivill vun deene Fäll waren se zu Lëtzebuerg stockéiert an a wéivill Fäll am Ausland?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

**ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742**